N°4129
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Wunnengsbau & Landesplanung weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4032 hunn d'Ministeren erkläert, datt hinnen *„vun engem Tankstelleprojet op staatlechen Terrainen laanscht d'Rue Uerschterhaff zu Suessem näischt bekannt"* wier. Dës Äntwert léisst awer nach verschidde Froen op. Et zirkuléiere Informatiounen an der Gemeng, dass op dëser Plaz ee Schéissstand oder ee Centre commercial kéinte gebaut ginn. D'Informatiounen um Geoportail weisen, dass d'Terrainen op dëser Plaz dem Staat souwéi der Gemeng Suessem gehéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Leien der Regierung Informatiounen iwwer Projeten op de staatlechen oder net-staatlechen Terrainen laanscht d'Rue Uerschterhaff zu Suessem vir a falls jo, wéi eng?
2. Gouf d'Regierung oder ee vun de concernéierte Ministèren am Kontext vu Projeten op dësen Terraine kontaktéiert a falls jo, vu wiem a fir wéi eng Projeten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés